

Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de Medernach

Séance publique du 14 décembre 1988

Date de l'annonce publique: 8 décembre 1988

Date de la convocation des conseillers: 8 décembre 1988

Présents: M.M. Aloyse Lies, bourgmestre; René Herschbach et Albert Feller, échevins; Jean Schmit, Gust Klosé, Fred Wolf et Nico Welter, conseillers;

Absents: excusés:
sans motif:

Point de l'ordre du jour: No 9

Objet: Reglement fir d'Benotzen vum Sportszentrum.

De Gemengerot,

No Asicht vun:

Artikel 3, Titre XI, vum Dekret vum 16-24.August 1790 iwert d'gerichtlech Organisatio'n;

Artikel 36 vum Gesetz vum 24.Februar 1843 iwert d'Organisatio'n vun de Gemengen an den Distriktskommissariater;

dem Gesetz vum 27.Juni 1906 iwert de Schutz vun der öffentlecher Gesondhét;

dem Gesetz vum 29.Juli 1930 iwert d'Verstaatlechung vun der Lokalpolizei;

vum Gesetz vum 19.November 1975 iwert d'Erhe'gung vun den Strofen de' vun den zo'stännege Richter ausgesprach gin;

vum Gesetz vum 21.November 1980 iwert d'Organisatiou'n vun der Direktio'n vun der Santé;

Avis vum 5.Juli 1988 vum zo'stännege Dokter vun der Direktio'n vun der Santé;

Estömmeg:

Beschl'esst folgend Reglement iwert d'Benotze vum neien Sportzentrum zu Miedernach z'erlossen:

Art. 1

D'Miedernacher Sportshal ass an den normale Schoulzäite réserveriert fir d'Spillschoul an d'Primärklassen aus der Gemeng Miedernach. D'Schoule kennen awer eréischt no 9 Auer moies fräi iwwert d'Sportsreim disposéieren, ausser wann d'Gemeng dat anescht décidéiert.

Art. 2

Sin déi gewéinlech Schoulzäiten eriwier, da kann d'Sportshal och vun

- 1) lokale Sportsveräiner,
- 2) anere lokale Vereenegunge an
- 3) auswärtege Veräiner fir hir respektiv Veräinsaktivitéiten oder Manifestatioune gebraucht gin. Dobei hun awer déi Miedernacher Veräiner absolut Prioritéit.

Art. 3

D'Benotze vun dem ganze Sportskomplex duerch déi am Artikel 2 ernimmte Veräiner get duerch en trimestriell vum Gemengerot opgestallte "Stonneplang" gereegelt, woubei hien sech un de Virschléi orientéiert, déi him vun der Entente vun de Miedernacher Veräiner ennerbret gin.

De Gemengerot kann dese Plang gelegentlech änneren, wann dat net ze verhinneren ass, oder sech aus treftege Grenn als néideg erweist, dobei helt hien awer Recksproch mat deem eventuell betraffene Veräin.

D'Benotzer hun awer duerfir kee Recht op iredeng finanziell oder aner Kompensatioun (Indemnitéit) a kennen och kee Schuedenersaaz fuerderen. Et däerfe keng Aktivitéiten, egal vu wéi enger Natur, teschent 10 Auer owes an 9 Auer moies am Sportskomplex ofgehal gin ouni ausdrécklech Erlabnes vun der Gemeng.

De'jeneg de' Sportshall benotzen, mussen Dispositio'nen vun dësem Reglement schrefflech accepte'eren. Weiderhin ass d'Virleén vun enger Haftpflicht-assurance obligatoresch.

Art.4

Et ass strikt fir all Benotzer a Gäscht verbueden:

a) an der Hal selwer, an de Vestiären, an den Toiletten an am Ofstellraum ze femmen. Fir verschidde Manifestatioune kann de Burgerméschter dese Verbued ophiewen. Et däerf dann an all deene Reim gefemmt gin, déi de Gemengerot bestëmmt, ennert der Konditioun, dat den Organisateur genuch Aeschebecheren opstellt an alles mecht, fir Brandonfäll ze verhinneren.

b) d'Installatioune vum Sportzentrum fir aner Zwecker ze benotze wéi fir déi, fir déi se virgesi sin.

c) iergendeppes an de Reim z'änneren, Miwwelen ze verréckelen oder z'ersetzen, Material a Sportsgeschier aus dem Dépot erauszehuelen, ouni dat d'Iwwerwaachungspersoun dat virdrun erlabt huet a bei den Aennerunge selwer do as; weider as et och verbueden, Neel an d'Wänn, de Buedem oder de Plafang ze schlou a mat Maschinnen un de Maueren ze schaffen.

d) d'Hal an hir Annexen ze dekoréieren, Plakater opzehänken, oder aner Aarbechten ze maachen, ouni déi ausdrécklech Erlabnes vun der Gemeng.

e) an dem Sportkomplex Veloen, Motorrieder oder aner Gefierer ofzestellen.

f) Déiere mat an d'Hal ze brengen, ouni Erlabnes vum Gemengerot.

g) Fläschchen oder aner Glasbehälter mat an d'Sportshal ze brengen. Et däerf kee

Gedrénks an der Hal konsuméiert gin ouni déi express Erlabnes vun der Gemeng a konform mat dem tescht der Gemeng Miedernach an enger Brauerei ofgeschlossene Kontrakt. Den Organisateur muss no enger Manifestatioun direkt all Fläschen a soss Behälteren aus der Hal eraushuelen.

h) an dem ganze Komplex Radio ze lauschteren, Verstärkeren oder soss Audioinstallatiounen ze benotzen, et sief de Gemengerot hätt dat ausdrecklech erlabt. Domatt soll verhennert gin, dass déi aner Benotzer bei hiren Aktivitéite geschtéiert gin.

i) an der Hal Schong ze droen, déi de Buedem futtimaan.

j) eppes ze spillen oder ze maachen, wat geféierlech as, an d'Secherheet an d'Rou vum Public an vun de Benotzer a Gefor bringe kennt.

k) elektresch oder mechanesch Installatiounen an Equipementer ze transportéieren ouni dass d'Iwwerwaachungspersoun derbai as.

Art.5

All bei Artikel 2 ernimmte Vereiner oder Vereenegung muss fir all Aktivitéit oder Benotzung vun der Hal 2 Persounen délégiéieren, déi dem Surveillant beistinn, fir d'Secherheet, d'gutt Verhalen an déi generell Disziplin vun de Benotzer a vum Public ze garantéieren.

De Comité vun all Veräin, deen eppes an der Hal organiséiert, as verantwortlech fir all Schued, deen un den Installatiounen oder um Material gemaach gouf.

Bei all Organisatioun stellt déi betreffende Veräin eng Kautioun, déi en integral eremkritt, wann kee Schued ugeriicht gouf.

D'Heicht vun der Kautioun get op 20.000 Fr. festgeluecht.

Art. 6

Déi 2 vun engem Veräin délégiéiert Persoune musse virun an no enger Aktivitéit am Sportkomplex d'Gebeilechkeeten an d'Installatiounen kontrolléieren an déi vun der Gemeng genannten Iwwerwaachungspersoun iwwert all bemierkte Schued informéieren.

All des Observatiounen gin an engem Regester agedroen, dee spéider der Gemengeverwaltung virgeluegt get.

Fir e Podium oder eng Bühn müssen d'Supporten, déi Kontakt mam Buedem hun, virdrun mat Stofft oder Kautschuk enerluecht gin. No all Manifestatioun müssen d'Organisateuren all Installatiounen erem op hir gewéinlech Plaaz stellen an se esou récklen oder transportéieren, dat se kee Schued erdroe müssen.

D'Benotzer müssen all Reimlechkeeten an engem propperen Zoustand hannerloossen. Am anere Fall kennen d'Benotzer ugehal gin, d'Reim selwer ze botzen oder awer d'Botzkaeschten ze droen.

An esou engem Fall kennen des Leit oder Veräiner fir eng gewissen Zäit oder esouguer definitiv, je no der Décisioun vum Burgerméschter, et verbuede kréien, déi verschidden Installatiounen nach eng Kéier ze gebrauchen. Am Fall vun engem Akkzident as et un den Organisateuren, déi néideg Moosnahmen direkt z'ergräifen.

Art. 7

D'Sportler kennen d'Duschen an déi aner sanitär Installatiounen benotzen enner der Konditioun, dat dest geschitt an der Zäit déi fir d'Benotze vun der Hal virgesin as. D'Sportler, déi hire Sport dobaussen bedreiwen, kennen och Gebrauch vun den Duschen an der Hal maachen enner deene selwéchte Konditiounen.

Art. 8

D'Sportsmaterial oder aner Saachen däerfen eenzeg an eleng an der Hal gebraucht gin. Et as jiddferengem strikt verbueden, dest Material anzwousch anescht ze verléinen oder aus der Hal mat erauszehuelen. All Sportsveräin muss fir säin Training säin eegent Material gebrauchen, dat awer am Materialssällche versuergt däerf gin.

Art. 9

All Géigestänn, déi am Sportskomplex fonnt gin, musse bei der Iwwerwaachungspersoun ofgi gin. Wann des Saachen net bannent 48 Stonnen reklaméiert gin, kommen se op de Gemengebüro leien.

Art. 10

All Persoun oder Vereenegung, déi sech aus wéi engem Grond och emmer, net un dest Reglement hale sollt oder den Instruktioune vum Iwwerwaachungspersonal keng Folleg leeschte sollt ka vum Burgerméschter zäitlech begrenzt oder esouguer fir emmer et verbuede kréien, d'Hal ze betrieden. Allerdengs kann dee vun der Gemeng bestemmen Iwwerwaacher a schlemme Fäll dien oder déi Betreffen direkt virun d'Dier setzen. E muss dem Burgerméschter dat da bannent 48 Stonnen matdeelen.

Art. 11

All Dekoratiounen oder Textilien, déi an der Hal benotzt oder opgehaang solle gin, musse feierhemmend sin. De Gemengerot beschléisst, wéi eng Dekoratiounen opgehaang oder benotzt däerfe gin.

Art. 12

Et ass verbueden, an de Gäng oder den Dieren Saachen ofzestellen oder stoen ze loossen.

Art. 13

Et as och verbueden, d'Dieren vun den Noutausgäng mam Schlessel ofzespäeren, wann sech Leit an der Hal ophalen. Wann awer emol eng Dier aus desem oder deem Grond zougespaart bleiwe muss, da muss dee respektive Schlessel hannert Glas, a fir jiddereen ze gesin direkt niewent der Dier versuergt gin. Desem Uerder brauch een net nozekommen, wann d'Hal vu manner wéi 100 Persoune besicht as.

Art. 14

All dat netalkholescht Gedrénks an de Béier, dat an der Hal oder anere Reim zerwéiert get, muss vun engem Dépositär vun der Brauerei Mousel geliwert gin. Wa festgestallt sollt gin, dat d'Gedrénks vun engem aneren Liwrant kennt, da muss en obligatorischen Forfait vun 10.000 Frang plus Prozedur- a Konstats onkäschten bezuelt gin.

Art. 15

Konform zum Polizeireglement däerf d'Noperschaft an der Zäit no 22 Auer net méi duerch zevill Kaméidi gestéiert gin. Gouf fräi Nuecht akkordéiert, muss d'Manifestatioun em 3 Auer moies eriwwer sin. Des Bestimmung as ouni Diskussioun ze befollegen.

Art. 16

De Gemengerot vu Miedernach behält sech d'Recht vir, dest Reglement, no Konsultatioun vun der Entente vun de Miedernacher Veräiner, zu jidfer Zäit ze änneren oder z'erweideren wann dat sech als néideg erweise sollt.

All Problemer oder Koordinatiounsschwieregkeeten gin a läschter Instanz vum Miedernacher Gemengerot gereegelt.

Art. 17

Fir all Netbefollechen vun dessem Reglement kann dee Betraffenen mat Prisong vun 1 bis 7 Deeg an engem Pretekol vun 250 bis 2500 Frang oder och nemmen mat enger vun desen zwou Strofe bestroft gin, virausgesat dat d'Gesetzer keng aner Strofen virgesin.

So beschloss zu Medernach, an der Setzung vum 14. Dezember 1988.

Richteg bescheinegt:

De Buergermeeschter,
s. Aloyse Lies

De Sekretär,
s. Victor Weydert

